# La Liberté Niederkorn zeigt sein Können

Ein Feuerwerk aus Turnkunst, Akrobatik und Tanz




**Oberkorn.** Farbenfroh, mitreißend und voller Emotionen: Die Turngala von La Liberté Niederkorn verwandelte die Halle O erneut in eine Bühne der Begeisterung. Rund 70 Aktive entführten das Publikum auf eine eindrucksvolle Reise durch die Welt des Turnsports und ernteten dafür lang anhaltenden Applaus. Nach wochenlanger intensiver Vorbereitung präsentierten die Turnerinnen und Turner ein abwechslungsreiches Showprogramm mit zwölf Darbietungen. Von der ersten bis zur letzten Minute fesselten sie das Publikum. Vom Nachwuchs bis zu den Routiniers standen alle gemeinsam im Rampenlicht, vereint durch Leidenschaft, Kreativität und die Freude an der Bewegung. Eine besondere Premiere war der Auftritt eines Teams aus acht Nachwuchsturnerinnen, was in der 120-jährigen Vereinsgeschichte ein Novum war.

Anmutige Bewegungen gingen fließend in kraftvolle Übungen an Barren, Pauschenpferd und Schwebebalken über. Spektakuläre Sprünge rissen das Publikum immer wieder zu spontanen Beifallsstürmen hin. Jede Bewegung war präzise abgestimmt, jede Figur war Ausdruck von Eleganz und perfekter Körperspannung. Klassische und moderne Turnelemente verschmolzen mit Akrobatik zu einem stimmigen und abwechslungsreichen Gesamterlebnis. Vor allem die Kindergruppen eroberten die Herzen der Zuschauer im Sturm. Mit leuchtenden Augen und in farbenfrohen Kostümen boten sie einen lebendigen und charmanten Streifzug durch die unterschiedlichsten Bewegungsformen. Ein besonderes Glanzlicht setzte zudem die Gasttruppe „Dancing Queens“ des Turnvereins „Avant-Garde“ aus Rodange, die mit zwei ausdrucksstarken Choreografien Eleganz und Dynamik vereinte.

Der emotionale Höhepunkt folgte zum Abschluss: Im großen Finale vereinigten sich alle Mitwirkenden – vom Babyturnen über die Minis Initiation und Minis Avancés bis hin zu den Espoirs und Adultes – zu einem eindrucksvollen Schlussbild. Sichtlich zufrieden dankte Präsident Claude Bariviera allen Anwesenden, den Aktiven sowie dem Trainerteam für die kurzweilige Gala, die die Vielfalt und Dynamik des Vereinslebens eindrucksvoll widerspiegelte. Während der Veranstaltung wurde ein von Philippe Detaille gestaltetes visuelles Leitprogramm auf der Großleinwand gezeigt. Patrick Bariviera und Joé Sailer waren für die passende Atmosphäre in Ton und Licht sowie für einen reibungslosen Ablauf beim Bühnenbau verantwortlich. Die sportliche Leitung lag in den Händen des engagierten Trainerteams um Marlène Mores, Julie Detaille, Elisio Cabral Detaille, Lara Molitor, Jéssica Ferreira und Ivan Bykov. Auch hinter den Kulissen wurde Großartiges geleistet. Zahlreiche Helferinnen und Helfer sorgten mit viel Einsatz für eine herzliche Bewirtung. Am Ende blieb ein Eindruck, der nachhallt: strahlende Gesichter auf und neben der Bühne nach einer Turnshow, die Turnkunst, Akrobatik und Tanz auf eindrucksvolle Weise vereinte.

*Romain Welter via mywort*

# Generalversammlung

Réckbléck bei Jonk an Al Gemeng Rammerich



**Bungeref.** Viru Kuerzem hat Jonk an Al Gemeng Rammerich hir Generalversammlung am Restaurant La Galerie zu Bungeref. No der Begréissung huet d'Präsidentin dem Comité e grousse Merci gesot fir hiert Engagement am Laf vum Joer. No enger Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen hot d'Sekretärin op d'Aktivitéite vum vergaangene Joer zréck gekuckt an de Programm fir dëst Joer virgestallt. Wei läscht Joer ass och erëm dëst Joer eng Rees geplangt. Nom Bilan vun der Keess gouf den Tresorier entlaascht.

Och dëst Joer goufe Membere geéiert : Stadtfeld Francis vu Pärel, Daman-Heusbourg Nicole vu Benzelt (70 Joer); Mersch-Schadeck Albertine vu Bauschelt (75 Joer); Rodenmacher Danielle vu Bartreng, Pierrard Francine vu Martel, Prom Marcel vu Martel, Kemmer-Weintzen Madeleine vun Uewerpallen (80 Joer); Flammang Jos vun der Roumicht, Croat-Rodesch Andrée vu Pärel (85 Joer); Kobs-Loes Irma vu Bungeref, Schonckert Marguerite vu Bungeref (90 Joer).

*Jean-Marie Sassel via mywort*

# Schéi Gebuertsdagsfeier

Feier an der Maison des Aînés „Beim Klouschter“



**Houwald.** Zesumme matt der Amicale gouf de Gebuertsdag vun de Bewunner déi vum Januar bis Abrëll gebuer goufe gefeiert! Fir musikalesch Animatioun waren den „Jemp a Jeannot“ am Haus an hu fir gutt Stëmmung gesuergt! Matt flotter Musek, engem Patt Schampes an natierlech bei engem gudde Stéck Gebuertsdagskuch hunn d'Gebuertsdagskanner an hir Gäscht sech super amuséiert! An all d'Jubilaren hunn och eng Klengegkeet geschenkt krut.

*Marthy Bracke via mywort*

# 175 Joer Clausener Musek

Wanterconcert mat Schülerauditioun



**Lëtzebuerg.** Als Optakt vun den 175 Joer Feierlechkeete war um Kiem an der Sportshal den traditionelle Wanterconcert mat Schülerauditioun vun der Faubourgsmusek Clausen-Neiduerf Weimeschhaff-Kiem. D'Clausener Musek gouf 1851 gegrënnt als Pompjeesmusek also virun 175 Joer. 1901 hunn dann d'Pompjeeën an d'Musek sech zum 50. Jubiläum getrennt. D'Clausener Musek krut den Zousaz „Fanfare Grand-Ducale“ zu hirem 75. Jubiläum 1926 vun der Cour Grand-Ducale zougestan. Sou feiere mir dëst Joer e puer Evenementer. 175 Grënnung vun der Clausener Musek als Pompjeesmusek. 125 Clausener Musek an 100 Joer „Fanfare Grand-Ducale“. Esou ass d'Clausener Musek déi eelst d'Musik an der Stad. Am Kader vun der 175 Joerfeier huet de Clausener Musikant, Pierre Kremer, e Stéck komponéiert „The Fall of the House of Baron Mansfeld“ also déi ganz froudeg a Clausen vum Peter Ernst von Mansfeld, an dem President André Heinen iwwerreecht. Den 29. Abrëll ass d'Uropféierung am Lycee Michel Rodange. Jiddereen ass do Invitéiert

De President vun der Neiduerf-Weimeschhaffermusek huet d'Leit begréisst an e schéine Concert gewënscht.

Den Optakt vum Wanterconcert huet Faubourgsmusek, ënnert der Direktioun vum Charel Krysatis, gemaach., mat; Olsenbande; Planus Arche; Bike Ride; Metropolis; Of Ideal Infinity; Jazz Band Line, an als Ofschloss vum éischten Deel; Freedom. Presentatioun vum Programm louch an den Hänn vum Claude Hornick. Et war dunn un der Schülerauditioun, Iwwergang bei de Cosimo Colaci, responsabel vun de Quartiers Musekschoule vum Stater Conservatoire. Hien huet d'Wichtegkeet vun de Quartiers Musekschoule fir déi lokal Museken ënnerstrach an duerch de Programm vun deene verschiddenen Auditiounen: Trompett; Saxophon; Trombon; Flute; Euphonium; Percussioun a Sangen, mat Detailer geleet. Et war dunn un der Schülermusek mat zwee Stécker. Héichpunkt war d'musizéiere vun der Schülermusek integréiert an der Faubourgsmusek, déi dann och den Ofschloss mat; Mama Paquita a Ranger Rock den Ofschloss vum Wanterconcert musikalesch gespillt hunn. De Publikum war Begeeschtert an huet dat mat euphoreschem Applaus honoréiert. De President vun der Clausener Musek , André Heinen, huet alle bedeelegten e grousse Merci ausgesprach an op e Patt invitéiert. Weider Infoe vun den 175 Joer Feieren a Fotoe vum Wanterconcert op fofa.lu

*Claude Hornick via mywort*




Für die Richtigkeit der von unseren Leserinnen und Lesern erstellten Inhalte, sind ausschließlich die Nutzer der Plattform Mywort.lu verantwortlich. Eine Korrektur findet nicht statt.
Die Redaktion behält sich aber das Recht vor, eingereichte Text- und Bildbeiträge zu bearbeiten, zu kürzen, zu ergänzen oder nicht zu verwenden.